Diddeléng a schw. Zeiten.

– Lodève –

An onser leschter Sendung hate mir och d'Evakuatioun vun Esch kuerz gestreift an zwar well den aneren Verlaf war wéi déi Diddelinger. Et gouwen Zich waren et awer déi schwéierst Lëiwengen an dénen z. Vertschaften. Schon 2 Joer virum Ausbroch vum Krich war mat enger Evakuatioun vun den Awunner gerechent gin an och entspriechend Evakuéierungs Pläng ausgeschafft. Mä wéi ech éischt fréier zu Esch wéi zu Diddeléng kummen des gudgemengt awer dach éischter primitiv Pläng net zur Ausféierung. De Caos ass schwéier ze diriféieren a Diddeléng rett sech esou gud i kann zemols wann et kracht a ronderem Frankräich geschléit. Wärend de Wé vun den Diddelenger iwert Wuermereng op Briey gung, Mulwerreng, Eicherang, Fiels sin déi Escher iwert Audun-le-Tiche bis op Piennes gaangen. Beim Verdeelen vun de Flüchtlingen an déi verschidden Centren an Vertschaften hun sech dann déi Escher, Diddelenger an/aus den anere Südvertschaften do erem fond. Wien sech méi genau iwert déi Escher Evakuatioun wëllt informéieren, ka se am Buch: "Die 200 Tage" Geschichte einer Evakuierung vum Pol Müller noliesen. Allerdings esou wéi den Autor et gleich am Ufank schreiwt, stréift dëst Bichelchen net Behauptung um vollstänneg an definitif ze sin. Et genau wéi och an aner Dokumenter déi mir an onse Sendungen zitéiert hun wéi mir och selwer an dësen Emissiounen, ka kéin den Usproch erhiewen, all Episoden traitéiert ze hun, mat absoluter Sécherheet a Wouerecht gebrei. Och beim Müller feele vill Tatsachen, an och déer déi fleit mat Absicht ewech gelooss si gin. Dëst spezial wann et em d'Ableitzeit an d'Behuelen vu Politiker an dësen Zäite geet. Als Beispiel nemmen ee Satz aus "den zweihundert Tage". Säit 10 wo et heescht "Und gegen 5 Uhr früh, Samstag den 11. Mai, verlässt als einer der letzten Bürgermeister Clement die Stadt". Esou wéi wann e Schëff ënnergeet, de Kapitän de Leschten ass deen an d'Waasser spréngt. Dobei waren Samschtes Fraen a nach méi wéi Dausend Leit zu Esch. Och Kranker déi eréischt Méindes mat engem Päerdswon an d'Stad évakuéiert gouwen.

Awstanen et war jo och net einfach fir an dëem allgemengen Duercherneen beim Zesummebroch vu Frankräich, Diddelengen zu sénger vollster Zefriddenheet

ze hëllefen.

Mir lossten mer et fei nach eng Kéier widderhuelen, d'franséisch Populatioun hun hirt Bescht gemaach fir de Lëtzebuerger eso gutt wéi méiglech ze hëllefen. An dest ganz am Gegesatz zu deem wat vun däitscher Säit gläich no dem Heemkummen aus der Evakuatioun als Propaganda geschriwe gouw. Hei e Beispiel aus dem Muths sengem Buch "Kreuzweg nach Frankreich" wou et am Kratzenberg, de Landesleiter vun der VDB Lëtzebuerg, sénger Meenung leecht:

> „Unsere am 10. Mai nach Frankreich evakuierten Landsleute haben Schweres und Schwerstes erduldet. Nicht nur qualvolle Entbehrungen und Strapazen und ein Leben unter primitivsten Bedingungen. Aus Wunschträumen wurden sie grausam in die härteste Wirklichkeit versetzt. Statt mit dem Volke, dem sie blutmäßig angehören, Siege zu feiern,

> wurden sie in das zurückflutende Heer Frankreichs und in allen Jammer und alle Verzweiflung eines besiegten Volkes hineingerissen.

an da weider

> Das Schlimmste aber war, daß man nicht, wie erhofft, mit offenen Armen empfangen wurde, sondern als unliebe Gäste, mit dem bösen Worte: Boche.

Dest Buch strotzt nummen eso vun ongeheierlechen Iwwertreiwungen, Fälschungen an Onwourechten. Säin Zweck war jo och d'Frëndschaft zu Frankräich ze zerstéieren an versichen ze weisen dass d'Lëtzebuerger et besser hätten mat Nazi Däitschland vu Sieg zu Sieg ze goen.

D'accord, a mir hun et schon e puer Mol ervirgehuewen, dass net jiddereen am Kader vun der Evakuatioun gutt gefall war. Mancher een war och vum Pech verfollegt. Ausserdeems war d'Evakuatioun keng gutt organiséiert Vakanz. Losste mer dofir och hei an onser Sendung objektiv halber Lodève zitéieren.

Lodève war eng kleng Stad vu 6000 Awunner ronn 50 klm vu Montpellier ewech. Dëst am Département Hérault é vun den äermsten a Frankräich. Lodève hat schon besser Zeiten erliewt, dat hun d'Haiser gewiesen. Vill Herrschaftlech Haiser awer och vill déi ganz oder deelweis eidel stungen. D'Gemengeverwaltung hat sech op 500 franséisch Refugiéen agestallt. Awer op Lodève kummen eng 2 500 Lëtzebuerger dorënner eng 300 Diddelenger, och eng 300 vu Mondorf an gosätzlech eng 2 500 belsch Flüchtlingen. Dobei waren och schon 500 franséisch Rekruten niewent de Refugiéen do. Innerhalb zwou kommen also op eng Stad tëschent dem 16ten an 20ten Mee vun 6000 Awunner plötzlech der nach 5 000 derbäi. Et kann é sech liicht dé Chaos virstellen. Direkt fänken d'Liewensmëttelen un rar ze gin a par la force des choses klammen hir Präisser. Wou wollt mer dës 5 000 Leit logéieren. Net ze vergiessen dass dës Awunner zënter 50 Joer e Liewensstandard haten, dé wäit ennert deem luch wat d'Lëtzebuerger gewinnt waren.

Weder d'Gemengenautoritéiten, nach d'Garagepersonal nach Police waren desem Usturm vu Leit net gewuend. Sie waren déi, déi vir d'éischt panikéiert hun. ~~Hell ech selwer do war wärend~~ No den Accord'en mat Frankreich sollt all Refugié 10 Frang pro Dag kréen. Dest huet och gimlech gud an aner Opfangcentren an Verschluffe geklappt. Mä de Buergermeschter vu Lodève huet decidéiert des 10 Frang ze halen an dofir eng Cantine opzerichten fir den niddrege Ravitaillement ze bessergen. Heivir huet emol nimen eng äl verfale Scheier agericht gin ~~an~~ vir dann 2X am Dag eng Zopp/Zermëttëg kennen ze ~~gin~~ gin. Et kann ee sech fir die Welt virstellen dass d'Letzebuerger geschwenn fetzeg Flemm haten, ~~an~~ onzefridde waren an dest och ~~aus~~ gewiesen hun. – En anere Problém war dé vun den Autoen. Well des vun 5000 Refugiéen ware jo mat Autoe kom, well dest Zort vun Evakuéierten vun den Nofolgenden ëmmer weider géingt de Süde vu Frankreich gedréckt gi waren. Losse mer emol eng Moyenne vu 5 Persounen pro Auto huelen da waren dat vun 1000 Gefierer. Dn des sin an der Stad zirkuléiert, sin op d'Nopeschdierfer gefuer fir e besseren Ennerdach ze fannen an de Benzin op de wénegen Tankplazen war geschwenn verbraucht. Doerobber hin huet de Préfet dekrétéiert dass d'Autoen ~~de~~ fir déi lang Garage dower op ~~d'Märtplaz~~ d'Plazen virun an hannert der Märei misste gestallt gin. ~~ze~~ Fir dass net méi kente ~~gefuert gin~~ gefuert gin war den Delco vum Motor beschlagnahmt an ofgeliwwert an der Mairie, a Gottseidank war d'Wieder lei op der Cote jo gud, Mée a Fumi, huet während senger ganzer Evakuatiounszeit a sengem Auto ~~gewoht~~ gewunnt a geschlof. Oft hun Frenn oder Famillen 2 oder méi Autoe beieneen gestallt ~~an da~~ mat Decken oder Zeltplanen en Dag geemaach an hun do gehaust. Dest huet hinne besser ~~gedaucht~~ gefall wéi op Stréi an engem äle Fabrikgebei.

Wé gesot, déi vir d'Chance haten a bei deen erwate waren, ~~an~~ e brauchbar Logement mat éventuell enger Kichen an oft iwwert e besse Sue verfügt hun, ware fein eraus. Mä déi aner, schlecht logéiert, schlecht genéiert, waren natierlech onzefridden an ~~bald~~ et kum zu verschidde Protest Aktiounen. Am Upfank war och de Buergermeeschter Hubert Clement vun Esch zu Lodève. Engerseits hat hien net vill Succès bei de franséischen Autoritéiten, anerseits huchen d'Letzebuerger him andauernd an den Ohren an hun och sécher net mat harde a hinge feine Wieder gespuert. Dofir brauch é sech och net

ze wunneren dass bien gescheien Lodève de Réck gedréit huet an op Mâcon gefuer wo d'Situatioun besser war. Wann et stëmmt, a wat mir net kenne kontrolléieren, sollen ons Ministeren Krier a Bodson déi zu Montpellier logéiert waren ~~ka~~ keng finanziell Hëllef op Lodève komme geloos hätten. Och vun de Ministeren Bech a Dupong déi wéi mer schon erklärt hu(ten) zu Pareis waren, ass keng Hëllef bis op Lodève komm.
Schliesslech hu sech bessersituéiert a gudgewëllte Leit vu Lodève ~~…~~ de Refugiéen erbaarmt an e Comité d'entre-aide pour gegrënnt. Wann sie och net konnten jiddereen gefiddle stellen esou ~~hat~~ sech d'Situatioun dach awer no e puer Wochen in etwa gebessert.
Wé et zu Lodève weidergung no enger kuerzer Musek-Paus.
Wé virdru gesot, mam Ustuerm vun mé wéi 5 000 Leit an 4 bis 5 Deeg ~~…~~ war de Caos net ze vermeiden. Beim Stadhaus, bei de Gemengeverwaltungen, beim Polizeikommissariat, bei der Gendarmerie a bei der improviséierter Vollekskichen hu sech deeglang lang Schlange vu Leit gebild. ~~…~~ Aller huet én déi onmënschlech Strapazen vun der Rees, no enger Kapp iwer Hals an ongewollt gemaachte Flucht. D'Iwwernuechten an den Autoen oder op Stré a Schoulen a Scheieren. Stonnelang Ustoen fir én, net ëmmer waarmt Iessen ze kréien, kéng richteg Beschäftegung an d'Suerg ~~em~~ dat wé 'ass et doheem, je dat alles huet d'Nerven esou strapazéiert dass et zu bedauerlechen Reiwereien kum an dat net nëmmen mat Autoritéiten mä esou guer teschend de Belscher an de Lëtzebuerger.
Dest huet dann och emol dozou gefeiert dass déi esouwéiso ze kléng improviséiert Vollekskichen eng zweet derbei krut an zwar éng fir déi Belsch an déi aner fir d'Lëtzebuerger. Den Zäundokter Millés Jos vun Esch huet d'Initiativ ergraff a ennert der Mathëllef vun enger Rei vu Freiwëllegen goun an e puer Deeg de grousse Haff deen éng Brennerei vun de Kino'en getrennt huet tip top proper gemat. De Kinos oder besser d'Kinoen, wo ugeselbe stung dass nemme Sonndes a Sonndes Kino war, huet éischter engem Speicher gegleecht wéi ~~wegen~~ déem wat d'Lëtzebuerger ennert ~~Kino~~ Cinema doheem verstanen hun. An der Brennerei stungen 5 grouss Wéikesselen an deenen et no geléierigem Rotzen valabel Zoppen an ähnlech gebraut konnt gin. Mat Limonadskëschten a Briedder sinn Dëscher a Bänken an d'Kino's Säll komm. Gottseidank hu sech och eng hallef Dotzend Freiwëllegen fond déi bereed waren

ze kachen, ze zervéieren, ze botzen an d'Liewensmëttelen erbäi ze schafen. Déi ufänglech Organisatoresch Schwieregkeeten konnten no an no geléist ginn, mä Onzefriddener mat Recht oder Onrecht bloufen et trotzdeem. Dem Här Milles säin äiseche Courage ass et geschwen zesumme gebrach, kee Wonner, Ufank Juni huet och hien Lodève Äddi gesot.

Eng aner Persoun déi den Evakuéierten zu Lodève an Erënnerung bliwwen ass war den Dr. Colling aus Esch. Et ass liicht virstellbar dass d'medezinesch Betreiung an d'hygienesch Zoustänn an der iwwerfëllter Stad den Ufuerderungen net gewuess waren. Dat verëlst Klengstadspidol an engem ale Gebai, hat net emol genügend Gemeinschaftsräim. Schnell sinn dofir am Speicher nach Better bäigestallt ginn. An och hei war direckt dat zuelemässeg ongenügend Fleegepersonal iwwerfuerdert. Bal huet et och u Medikamenter a Verbands-Material gefeelt. Dofir hun d'Gemengenautoritéiten versicht dest Material ze rationaliséieren. Wat natierlech net glécklech war an och erem ongefridde Patienten gemaach huet. Den Dr Colling huet awer mat villem Dévouement an Asaz Mëttel a Weeër gesicht a fond fir esou gutt wéi méiglech ze hëllefen.

Wéi ugaangs gesot war och d'Gemengeverwaltung dem Zoustroum vun zusätzlech 5 000 Brunner net gewuess. Si hun all missen enregistréiert ginn. A vun den departementalen Autoritéiten vu Montpellier sinn all Dag nei Instruktiounen komm an aler gouwen erem opgehuewen. Dat huet bedéngt dass 5 bis 6 Mol d'Evakuéiert sech hu missen op der Märei virstellen fir hir Identitéit unzeginn an hire Pass weisen. Alt erem Onzefriddener. An da war déi grouss Sich no Familjememberen. Mir hat jo gesot dass fir Esch d'franséisch Militärautoritéiten verlaangt haten dass d'Fraen a Kanner gesondert vun de Männer missten an d'Frankräich era kommen. Natierlech hun sech vill Familljen erem zesummen fond ohni déi offiziell Sichaktioun. Bekanntlech kennt zu Lëtzebuerg ën dén aneren an esou waren des Nowellen meeschtens méi rapid an zouverlässech wéi déi schon erwähnten offiziell Recherchen. Resultat waren d'Zeitungen mat Verspéidung a säitevoll Sichmeldungen waren d'Familljen scho längst nees bei eneen.

En anere Problem war eng Aarbecht ze fannen. Et wosst jo kee wéi laang des Evakuatioun géing daueren an d'Wénegst hate genuch Suen an der Tesch fir sech eng Méintelang Vakanz/

ze leeschten. Och d'franséisch Autoritéiten haten nämlech genuch fräi Arbechtskräfte, wou dass jo e groussen Deel vun hire Leit beim Militär war. Leider huet och mat desem Rekrutement Verwaltung sech schwéier gedoen. Fir d'éischt hun déi, déi Arbecht gesicht hun no hire Beruffer misse klasséiert gin. Da krut een en Ausweis. Fir d'éischt ~~war dat~~ huet één missen eng giel Kaart ausfellen. Zwee Deeg duer kum eng nei Verwaltung an et huet een erem missen zeréck an d'Schlang stoe goen an eng rot Kaart ausfellen. Glécklecher Weis war och den Här Franz Laugers vun Esch och zu Lodève gelant an hien huet dann hei déi selwecht Arbecht gemaach wéi zu Esch. Seng Erfahrung war dann och ~~fir~~ vu groussem Virdeel, an d'Lëtzebuerger alt wéinst him gedeelt.

Den 29. Mee sin déi éischt Stellungsbefehler komm fir schaffen ze goen. Et waren dach ebenfalls Spezialisten. 42 Mann bieneen. un goen sin op Saint Etienne, Lyon oder Guérigny. Den 31 Mee waren weider Rekrutementer an dat bis an déi éischt Deeg vum Juni. An déi 70 dëser Spezialarbechter hate Lodève verloos an hir Familen do zeréck geloos. Wéi dunn ~~den~~ Frankräich kapituléiert hat ~~kun~~ sin der Leit méi zeréck an de Süden komm. Ganz oft ouni iwwerhapt eng Pay kritt gehat ze hun.

Eng aner Grupp vun ongeféier 30 Arbechter sin an de Bësch schaffe gaangen fir Beem ëmze~~fellen~~béien. ~~En~~ Verschiddener ware ~~Mort~~vel net un der schwéier a geféierlech Arbecht gewinnt a sinn kummen oder vum ~~Waffe~~still der Armistice méi zeréck op Lodève.

Aner Handwierker ~~d~~ konnten an der Vertschaft beschäftegt gin. Wéi z.B. Schreiner, Steemetzer, Handlanger, oder hun a Caféen a Butieken gezwéiert. Meeschtens hun der Leit an der Vertschaft op hirer Plaz geschafft bis se den Heemwee ugetrueden hun a kruten och hir Pay.

Och eng Schwieregkeet war d'Sprooch. Net direkt nemmen Franséisch ~~Sprooch~~ deem zwar ske deemoleg Generatioun net eso gutt zu wéi kum wéi haut eis jéngst Generatioun. Mä zudeem kum ~~aner~~ nach dat Südfranséisch ze soe genugend d'Franséisch. Wo d'Nerwen awer da stark strapazéiert gouwen dat war wann de Lëtzebuerger op der Mairie virun Guichet stung an de Beamten kreeg gebrunnen e franzeeg Renseignementer gefrot huet, déi Bomm oder de Boffa och no der 5ten Kéier nach ëmmer net verstanen hat. Wat verlangt gouf a ~~kanner~~ Lannendrun eng Schlang vu Leit déi op hiren Tour

gewart hun. Oft huet sech dann e Lëtzebuerger Beamten, ~~ot~~ Schoulmeeschter oder Professer sech an Diskussiounen agemëscht a gehollef.

Zesumme fassend kann ee soen, dass vom éischten grousse Duercherneen vun deenen ukommende 5000 Refugiéen a 4 bis 5 Deeg, d'Leit sech erëm e bësse calméiert haten an och gudd geschaten Lëtzebuerger Hëllefskräften mat gehollef hun dem Chaos Meeschter ze ginn. Mä d'Problemer ~~fir~~ waren ze grouss an et as Resignatioun agetrett gefollegt vu Protester an Ausernanersetzungen. Schliesslech ~~waren~~ huet sech de Grupp vun de Refugiéen aus minimum 5 Nationen zesumme gesat. Dat waren emol déi Belsch a Lëtzebuerger, duerno kommen och ëmmer méi Franzosen vu Paris an de Gegenden wo d'Preise virgedrongen sin, respektiv besat hun. An da waren och ëmmer all dësen Italiener an Deutscher. ~~Déi~~ Bemmerkt lescht hu sech vun Ufank rouheg an onoffälleg verhalen, ~~an~~ bis d'Preisesch Sieger ëmmer méi grouss gouwen a schliesslech d'Kapitulatioun vun de Franzosen. Aus eegener Erfahrung ~~g...~~ sief hei e Beispill zitéiert vun engem Diddelenger Geschäftsman aus der Hiddesch...as déi während der ganzer Evakuatioun sei belsche Pass gewiesen huet, ~~...~~ an dunn plötzlech vum Waffestellstand den 22 Juni sein deitsche Pass aus der Tesch gezunn huet a wéi méing dir wuel wéi do op der klenger Märei ~~am~~ ~~...~~ der Vertrschaft wo en evakuéiert war se en fette gange sin.

Es weit ~~fir~~ hannt, wat d'Evakuatioun ~~fir~~ ob Lodève betrefft, eng gemittlech Vertschaft ronn 30 klm westlech vu Montpellier.